

d'Peffermillen

De Koschter huet schon dax an der Lëtzebuerger Press gelies, dass dës Organisatioun oder déi Vereenegung marxisteschen Ënnerwandert oder vu Moskau ferngelenkt wär. Nach nie hat en dat awer vum Lëtzebuerger Mëttelstand gemengt. An dach heescht et am leschte Saatz vum Editorial an deem senger Zäitschrëft "Echo" (Nr. 86/29.10.83) wuertwäertlech: *"Der Krieg war bisher eine weltgeschichtliche Notwendigkeit, ohne ihn wäre ein wirtschaftlicher Aufschwung nicht möglich gewesen. Und gegen die Geschichte kann man nicht ankämpfen."* De Saatz kënnt direkt aus dem Karl Marx sengem "Kommunistesche Manifest" stamen. Mä, an do lafen engem dach d'Schudderden de Réck erof, den Editorialist schéngt dat positiv ze fannen (während de Marx dowäinst e.a. de Kapitalismus wollt ofschafen). Ween zweiwelt nach drun, dass och Lëtzebuerger Wirtschaftskreiser Interessi un Oprüstung a Krich hun, wann s'et selwer sou offen zouginn?

g.

*

Wéi am Hierscht 1973 di deemoleg Jugendpor beim Protestmarsch vum Militärputsch am Chile mat Honnerte vun demokratesch gesënnte Lëtzebuerger manifestéiert huet, as och en CSV-Députéierte matgaang, deen doropshin vu senger Fraktioun e bësse Fanger gemaach krit huet. Io Joer mi spët schéngt d'Meenungsfräiheet an där Partei nach nët méi grouss. Well och hien säi Numm ënnert d'"Wort unter Brüdern" (vgl. "forum" 68) gesat hat, gouf e CSV-Member, deen dem Koschter schon an der Synod duerch seng éierlech a sachlech Interventiounen opgefall as, bei de Parteipräsident bestallt a gefrot, ob e wierklech keng Loscht mi hätt als Kandidat mat an di next Walen ze goen ... De Koschter fuerdert de Parteipräsident eraus ëm ze soen, wat an deem Friddensbrëif nët vun engem CSV-Mann ka guddgeheescht gin! Dee betreffende Kandidat brauch sech iwregens nët eleng ze spieren: an enger Por am Minette huet an aktuellen CSV-Deputéierten un der Verbreedung vum "Wort unter Brüdern" aktiv matgeholl. An bei enger Entrevue mat der "Aktioun fir de Fridde" soten zwee CSV-Offizierler ausserdeem, bei hinne wär d'Friddensdiskussioun eréischt ugelaft. De Koschter gesäit ëmmer méi schwartz: 1. Am November 1983 huet d'CSV nach keng definitiv Meenung zur Rüstungsproblematik, obschon et muer scho vläicht ze spët as. 2. Trotzdeem krit ee Kandidat wäinst senger Meenung vum Präsident op d'Fangere geklappt. A vive di pluralistesche Volléks-partei!?

m.p.

*

De Koschter hat sech géiirt. D'Friddensmass no der Manifestatioun vum 22.10.83 wor dach am LW ugekënnegt gin: an engem ganz kuerze Kommuniké vum de kathoulesche Fraen a Mammen. De Koschter entschëllegt sech also bei de "Fraen a Mammen" ... a seet hinne gläichzäiteg seng Solidaritéit, dass se wäinst dësem onschëllege Kommuniké der LW-Direktioun hir Roserei hu missen iwert sech ergoe loossen. De Kommuniké war nämlech an d'Zeitung stoe komm, well de "Fraen a Mammen" hir Texter bis elo nach nët hu misse systematesch virdrun an der Chefétage passéieren. Den Direkter huet doropshin awer nët nëmmen dee Redakter zu rieds gestallt, mä och de "Fraen a Mammen" d'Le-vite geblosen, wat si géng ugoen, hir Memberen an eng Friddensmass an d'Kathedral z'invitéieren Souwäit si mer (oder hien)!

christ

*

D'Tënt vun der viereger Notiz wor nach nët drechen, wi de Koschter gewuer gin as, dass neess e ganze Grupp dichteg Leit aus der Lëtzebuerger Kierch der LW-Direktioun hir Stir ze gesi kruten. Op Initiativ vum "Centre de pastorale en milieu ouvrier" haten eng ganz Rei Paschtéier aus dem Minette e Solidaritéitsschreiwes mat den Aarbechtslosen an denen, di hir Aarbecht muer wäerte verléieren, un d'LW geschéckt. Dass et eréischt Samschdes, den 10.12.83, jhust als Lieserbrëif do gedréckt gouf, as anscheinend nach nëmmen op dem Diddelenger Paschtouer säin Asatz zréckzeféieren, dee bis bei de Generalvikar an de Bëschof huet misse lafe fir ...

m.p.

*

De Koschter huet bis elo jo nach ëmmer "Le Monde" als méi éierlech a pluralistesche ageschat wi d'"LW", an dach mat klore Grenzen a Richtung Rietsextremismus. Dass en elo d'LW nogemaach a sengersäits eng Reklam vun enger Véierelssäit fir dee brasilianesche Faschistclub "Tradition, Famille, Propriété" ofgedréckt huet (Le Monde, 10/12/83), gereecht em nët zur Eier, egal wéi grouss seng finanziell Problemer sin.

m.p.

*

Der "Aktioun fir de Fridde" hun DP-Parlamentarier versprochen, sech ze wieren, wa no Pershing II a Cruise Missiles nach nei NATO-Atomrakéiten sollten agefouert gin. Eng Kéier misst jo Schluss sin. Dat wor den 30. November. Hätten si hir eegen Zeitung, de "Journal" vum 18.11. gelies, hätten si kënne mi konkret gin. Do stong schon ze liesen, de Generol J. Wickham, US-Stabschef vun der Landarmei, géif no modernen taktischen Atomwaffe verlaangen. Wetten, dass d'NATO muer och eng "nei" russesch Waff fénnt fir dës nei "No"-Rüstung können ze justifizéieren. Mä déi Kéier huet se sech geiert. Da gin sugger d'DP-Deputéiert géint hire Krichsminister mat op d'Strooss. Well eng Kéier muss jo Schluss sin mat där Rüstungscourse. Firwat nët elo, haut? M.C.

*

D'LW hat fir d'Joresenn eng Rei Stadtlëtzebuerger iwert hir Suerge fir d'Joer 1984 gefrot. De Scheffe Pierre Frieden (CSV) huet geäntwert, fir hie wäeren d'Auslännerkanner an der Schoul dee gréisste Problem, 83 wi 84. Wuertwäertlech: "Das Problem der Integration ist grösstenteils nur dadurch zu lösen, dass die Zahl der Luxemburger Kinder zunimmt." Wann dat d'Léisung as, dierfte wuel onse Kanner hir Kanner nach drop waarden. De Koschter muss do un den Erziehungsminister F. Boden denken, dee mol gemengt huet, et wär ze wënschen, dass di ausländesche Kanner kënnte Lëtzebuergeresch schwetzen ir s'an d'Spillschoul kommen. Di zwee Politiker - di jo nët grad ouni Verantwortung fir d'Erzéiung sin - schéngen en immenst Vertrauen an d'Natur an an d'Genetik ze hun; dat as allerdéngs méi liicht, wi d'Schoul de Realitéiten unzepassen.

christ